



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 31. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Infrastrukturminister weiderzeleeden.

D'Vëlospiste PC 21 tëscht Ëlwen a Kautebaach ass och dowéinst wichteg, well si d'Verbindung tëscht dem nationale Lëtzebuenger Vëlosreseau an der Vennbahn hierstellt. Och am Híbléck op d'Ubanne vum nationale Lëtzebuenger Vëlosreseau un déi international Vëlosreseauen ass dës Streck vu besonnescher Wichtigkeet. Bis elo ass et awer sou, datt een Deel vun där Vëlosstreck, nämlech tëscht Clierf an der Maulesmillen, nach an der Maach ass a bei anere Lousen, ewéi d'Streck tëscht Ëlwen an der Maulesmillen, sinn bis dato nach net all d'Terrainen kaaft.

An dësem Kontext géif ech gär den Froen un den Här Infrastrukturminister riichten:

1. Ass een Zäitplang virgesinn, fir d'Realisatioun vun dësen eenzelen Deelstrecken?
2. Laut der Press ware bis zum 14. Juni nach net all Terrainen kaaft, wat den Tracé tëscht Ëlwen an der Maulesmillen ubelaangt: Wéi vill Kilometer vun dëser Streck si well kaaft a wéi vill Kilometer bleiwen nach ze kafen?
3. Wat d'Streck tëscht Clierf a Kautebaach ubelaangt, sinn och nach net all Terrainen kaaft: Wéi vill Kilometer vun dësem Tracé si well kaaft a wéi vill Kilometer bleiwen nach ze kafen?
4. Leien am Híbléck op déi genannte Strecke well Geneemegungen vir säitens der Naturverwaltung a wéi gesinn déi eenzel Kompensatiounsmoosnamen aus?
5. Wat den PC 20 (Nidderwampech-Ëlwen) ubelaangt, do war am Joer 2020 eng Machbarkeetsstudie an Aarbecht; wou ass dës Etüd de Moment drun?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten